



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :

01 AOUT 2019

Lëtzebuerg, den 01/08/2019

1003

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz, Bannenzeg Sécherheet & Wirtschaft weiderzeleeden.

Reegelméisseg verdeele selwer ernannten "Grand Voyanten" oder Guruen kleng faarweg Käertercher an de Bréifkëschtchen zu Lëtzebuerg. Op dese Käertercher verspréche dës Guruen eng grouss Unzuel vu Servicer fir verzweiwelte Mënschen mat hiren Alltagsproblemer ze hëllefen. Et gi reegelrecht Wonnerléisunge fir all méiglech Problemer versprach, vun der Kontaktopnam mat verstuerwene Familljemembere bis zu Léisunge fir sexuell Problemer.

Wéi vill Mënsche Gebrauch vun dësem Service maachen, ass onkloer. Kloer ass allerdéngs, dass des "Grands Voyants" eng Aktivitéit ausüben, déi evidenterweis op Profitter ausgeriet ass. Déi Mënschen, déi Gebrauch vun dësem Servicer maache, befannen sech oft a schwierigen emotionale Situatiounen, wou dat rationaalt Denken net ëmmer méiglech ass. Aus Scham trauen sech vill Leit awer dono oft net, Plainte bei der Police wéinst Bedruch ze féieren.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn déi zoustänneg Minister um Courant vun der Werbung an den Aktivitéiten, déi vun de "Grands Voyants" ugebuede ginn?
2. Sinn d'Aktivitéite vum Grand Voyant konform mat eise Gesetzer, bzw. ass d'Ausübung vun esou Gurusaktivitéiten zu Lëtzebuerg erlaabt?
 - Falls jo, wéi eng Autorisatioun de Commerce besetzen dës Guruen a wéi vill Guruen exzerzieren insgesamt hei zu Lëtzebuerg?
 - Falls nee, goufen et scho Kontrolle vun dësem Guruen?
3. Consideréiert d'Konsumenteschutzministesch dës Aart vu Servicer als Scharlatanerei? Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Werbung fir esou Servicer fir misst ennerbonne ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure



A

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 6 septembre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1003 du 1^{er} août 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,


François BAUSCH

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

Gemeinsam Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir bannenzeg Sécherheet a vum Här Lex DELLES, Minister fir Mëttelstand, op déi parlamentaresch Fro n°1003 vum 1. August 2019 vum honorablen Deputéierte Marc GOERGEN

D'Regierung weess Bescheed, dass vereenzelt Leit déi benannten Aktivitéit vum « Grand Voyant » ubidden. De Mëttelstandsminister stellt awer keng Handelsermächtigung fir « Grands Voyants » aus, well d'Aktivitéit vum « Grand Voyant » net spezifesch reglementéiert ass.

Prinzipiell ass zréckzebehalen, dass fir all Service-Leeschtung eng Handelsermächtigung fir « activités et services commerciaux » muss virleien. Et gëtt keng statistesch Erfaassung iwwer déi ausgestallten Autorisatiounen u « Grands Voyants ». Et ass dofir och net méiglech eng präzis Zuel unzeginn, wéi vill « Grands Voyants » mat enger Handelsermächtigung fir « activités et services commerciaux » exerzéieren.

Och wann d'Aktivitéit vun engem « Grand Voyant » net d'office als illegal ka betruecht ginn, sou ass et awer wichteg ze betounen, dass d'Honorabilitéit vum Demandeur systematesch kontrolléiert gëtt wann eng Handelsermächtigung ugefrot gëtt :

- Wa belaaschtend Elementer (wéi zum Beispill eng Veruerteelung) sollte virleien, gëtt keng Handelsermächtigung ausgestallt.
- Wa belaaschtend Elementer eréischt virleien, nodeems eng Handelsermächtigung ausgestallt gouf, gëtt dës Handelsermächtigung zréckgezunn.

Mir verweisen op dëser Plaz dofir op den Artikel 6 vum ofgeännerte Gesetz vum 2. September 2011 (*Loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales*) wou d'Bedingunge vun der Honorabilitéit am Detail beschriwwen sinn.

A deene Fäll wou d'Direction générale des Classes moyennes a Kenntnis gesat gëtt, dass eng kommerziell Aktivitéit ouni Handelsermächtigung ausgeübt gëtt, setzt de Ministère sech mat de Servicer vun der Douane a Kontakt fir eng Kontroll op der Plaz unzufroen.

D'Aktivitéit vum « Grand Voyant » ass net tel quel am Code Pénal definéiert, sou dass d'Police och keng cibléiert Renseignement dozou huet. Eng Recherche bei de Sektione « Crime général » an « Répression du grand banditisme et vol organisé » vum Service de Police Judiciaire huet 5 Affären identifizéiert, dovunner hu 4 zu enger Condamnatioun an eng zur Verhaftung vun engem « Grand Voyant » gefouert :

Unité	Année	Infraction retenue
SREC Esch-sur-Alzette, section Crime general	2009	Escroquerie (art.496 du CP)
SREC Luxembourg, section Vols organisés	2014	Abus de faiblesse (art.493 du CP)
SREC Luxembourg, section Vols organisés	2015	Abus de faiblesse (art.493 du CP)
SREC Luxembourg, section Vols organisés	2016	Abus de faiblesse (art.493 du CP)
SREC Diekirch, section RGB	2018 (en cours)	Abus de faiblesse (art.493 du CP)

Et sief ze bemierken, dass et 2009 nach net d'Inkriminatioun vum « abus de faiblesse » gouf.

Den Service de Police Judiciaire mécht keng Enquête vu sech aus, mee gëtt eréischt beim Dépôt vun enger Plainte aktiv.